

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

An engem Rapport vum US-amerikaneschen Department of State iwwer de Mënschenhandel zu Lëtzebuerg heescht et: *"A man working in an Asian restaurant or a building site is a more typical victim of human trafficking to Luxembourg than a woman forced into prostitution, the country's human rights commission said in a separate report in 2021."* (Quell: Luxembourg Times vum 23.9.2022: *"Luxembourg human traffickers' sentences still too lenient"*)

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

- 1) Wéi steet den Här Minister zur mentionéierter Ausso?
- 2) Kann den Här Minister preziséieren, wat d'Regierung konkret an deene leschte Jore géint de moderne Mënschenhandel an der Lëtzebuerger Gastronomie an op de Lëtzebuerger Chantieren ënnerholl huet?
- 3) Wéi eng Mesurë si geplangt, fir dës Situatioun an Zukunft ze verhënneren?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen,
Deputéierten

Roy Reding,
Deputéierten